LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
08 OCT. 2019

Luxembourg, le - 7 OCT. 2019

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°915 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°915 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable,

Carole Dieschbourg

130 00008-20040525 FR

Adresse postale
L-2918 Luxembourg

Tél. (+352) 247-86824
Fax (+352) 400 410

4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

www.emwelt.lu
www.gouvernement.lu

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
08 OCT. 2019

**Réponse commune de la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable et du Ministre de l'Énergie à la question parlementaire n°915 du 17 juillet 2019 de l'honorable député Monsieur Fernand Kartheiser**

***Kënnen d'Madame an den Här Minister des Informatioune confirméieren? Firwat ass e neie gréisseren Transformator installéiert ginn? Steet deen an enger "Zone Verte" a wéi eng Autorisatioune leien doriwwer vir? Goufen all Oploen, zum, Beispill am Kader vum Naturschutzgesetz, respektéiert?***

Op Nofro bei de Responsabelen vun der CREOS, den zoustännegen Stroumnetzbedreiwer an der Gemeng Déifferdeng, kënne mir folgend Informatiounen zu den Netzaarbechten liwweren, déi den Ament op dëser Plaz stattfannen.

D'Ersetze vun dem alen Traffo, wat nach en Traffo ass, deen op enger Poutrelle opgebaut ass, duerch en neien Traffo, huet näischt mam geplangten Wandpark zu Uewerkuer ze dinn. Dëse Posten gëtt am Kader vun der kontinuéierlecher Erneierung vum Stroumréseau ersat, am Sënn vun der Stroum-Versuergungssécherheet vum Land awer och am Sënn vun Energieeffizienz an Ëmweltschutz. Traffoen déi op Pottoen gebaut sinn, ginn no an no duerch Kabinnen ersat. D'Mindestleeschtung, déi esou Traffoen hautdesdaags hunn, läit bei 400kVA wat déi méi héich Leeschtung par Rapport zum alen Traffo erkläert.

Et sief drop higewisen, datt no der aktueller Commodo-Nomenclature elektrësch Traffoen réischt iwwer 1.000 kVA eng spezifesch Autorisatioun brauchen. De Posten ass an der Zone verte an ass autoriséiert.

***Wou sinn d'Viraarbechte fir de Projet vum Wandpark op dar Plaz zu Déifferdeng genee drun? Wéi wäit ass d'Enquête publique iwwer d'Nuisance fir d'Bierger? Gëtt et schonn Erkenntnisser iwwer d'Stabilitéit vum Buedem? Wéi eng Prozedure sinn entaméiert a wéi eng nach net? Wéi wëll d'Regierung d'Bierger an den Entscheedungsprozess iwwer dee neie Wandpark mat abannen? Wéi wëll d'Regierung d'Interessie vun deene Leit schützen, déi no bei deene geplangte Wandmille wunnen?***

Fir d'Wandenergieanlagen zu Déifferdeng läit bis ewell keng Ufro fir eng Commodo-Geneemegung vir. Am Kader vun dëser Prozedur ass eng Enquête publique virgesinn, an der net nëmmen déi üblech Informatiounen publizéiert ginn, mä och d'Ëmweltimpaktetüd (EIE - évaluation des incidences environnementales) déi op Basis vun den Iwwergangsbestëmmungen vum EIE-Gesetz vum 15. Mee 2018 erstallt gëtt.

D'Resultater vun der virgenannten Etüd mussen am Virfeld vun enger Publikatioun vun der Ëmweltverwaltung aviséiert ginn. An dëser Prozedur, déi nach net konnt ulafen, mussen och aner Instanzen gehéiert ginn. D'Ëmweltverwaltung gouf informéiert, datt d'Analys vun den Ëmweltauswierkungen vum Projet nach net ofgeschloss ass an sech momentan op d'Stabilitéit vum Buedem konzentréiert gëtt. Deelerkenntnisser aus dëser Analys leien der Verwaltung net vir.

D'Bedeelegung vum Bierger um Entscheedungsprozess iwwer den aktuellen Projet ass iwwer d'Commodo-Prozedur assuréiert. Fir zukünfteg Projeten, déi net méi ënner

d'Iwwergangsbestëmmungen vum EIE-Gesetz vum 15. Mee 2018 falen, gëtt d'Bedeelegung vum Bierger weider gestäerkt, ënner anerem duerch ee mei einfachen elektroneschen Zougang zu den Dokumenter (Internet-Site: www.eie.lu). Déi aktuell Legislatioun garantéiert och, datt Bedenken vun de Léit gehéiert a gepréift ginn.